

Jugendfestival Dikrech


# Keen Interessi fir Politik

Vrun zwee Joer hat "forum" en Dossier zum Thema "Jugend und Politik" erausbruecht (Nr.65-66/2.7.83), deen zur eendeiteger Konklusioun komm wor, dass Politik d'Jugend haut nët interesséiert. Am Joer vun der Jugend huet de "Service National de la Jeunesse" véier sougenannt Jugendparlamenter programméiert. E Freideg, 11.1o.85 wor zu Dikrech am Kader vum Festival "Fridden an Drëtt Welt" dat zweet vun deene Parlamenter zwou Doze Jugendlech konnten dem Staatssekretär R. Steichen, de Norddeputéierten an de Buergermeeschter aus dem Eisléck hir Froe stellen. "forum" wor lauschteren, ob d'Jugend hir Haltung zur Politik säit 1983 geännert huet.

## Wéineg Politik

Obschon zu Dikrech ëmmerhin 125o Schüler an de Kolléisch an 3oo an d'Hotelschoul gin, woren ausser enger Dozen uniforméiert Schüler aus där leschgenannter Schoul, déi den Eirewäin servéiert hun, nëmme knapp 3o Jonker fir d'Ronndëschgespréich an di al Brauerei komm. A ganz geschwë sollt sech erausstellen, dass dat jhust déi woren, di eng Fro un d'Politiker ugemellt haten. Op där enger Säit hat dës Method sëcher de Virdeel, dass op manst déi puer Jonkder do waren. Mä därf ee nët iwersin, wat mäi jonke Noper mer erzielt huet: säi Komerod wollt och eng Fro stellen, mä wi en héieren huet, e misst se virdrun am Schoulsekretariat ofgin, wor säin Interessi schnell verflun.

Dëse Mangel un Interessi huet sech och an de Froen erëmgespigelt: aus de Schoulen a Pensionater koume bal elauter Froen zur Schoulorganisatioun: Firwat nët e 'numerus clausus' an der Hôtelschoul aféieren? Wat sin d'Zukunftschancen fir d'ECG-Schüler? Wéi steet ët mam geplangte Passage-Examen? Firwat sin d'Noexamen su no beim Schoulufank? Wéini kënnt de schoulfräie Samschdeg?, ... Dës lescht Fro krut vill geklappt, mä vu politescher Kultur wor näischt ze spieren. Nach méi krass wor dat bei Froe wi: "Firwat gët de Schoulsystem su oft geännert? oder: Wat sin d'Berufschance vun der Lëtzebuerger Jugend? Firwat gët ët Aarbechtslosegkeet?"




in: Le Monde 5.12.83


*Dessin de PIERRE REYMOND*

D'Politiker hun zwar behaapt, si wäre frou, wann d'Jugend sech géif un der Politik interesséieren, mä dës politesch Ignoranz huet si bestëmmt grad esou gefreet: si goufe keng Kéier (oder héichstens vun de Jongbaueren mat enger Fro zur EG-Landwirtschaftspolitik) seriö interpelléiert an däerfen a Rou weiderwurschtelen. Suguer hir parteipolitesch Differenze konnten si vergiessen: als Fachleit fir Politik, di iwwert dem Parteisträit stin, konnte se sech der Jugend presentéieren. Den DP-Deputéierten René Hübsch huet dem CSV-Minister Boden séng Schoulpolitik erklärt an den LSAP-Europaparlamentarier Vic Abens huet d'EG-Agrarpolitik verteidegt,

wi wann ët séng wär. Hiert Spill wor ëmsou mëi liicht, well am Norde weder KP, nach Gréng Deputéiert hu missen invitéiert gin. Un enger demokratescher Meenungsbildung op breeder Basis, di schon am Jugendalter ufänkt, hun d'Politiker keen Interessi; da kënnt emol hire Monopol a Fro gestallt gin. A wi wéineg di Jong ëmstand woren, dat parteipolitescht Spillchen ze duerchkucken, huet mäi 17 Joer ale Noper neess gewisen: hie wosst souwisou nët den Ennerscheed tëschent CSV, DP, LSAP asw.

Di zwou eenzeg mi politesch Froen koume vun der JDL an der JSL (iwert d'"Massentierhaltung" a Südafrika): mä si hun de Rescht vun de Jugendleche nët interesséiert. Ob di Vertrieder vun de Parteijugende gemierkt hun, dass hir Froen d'Interessi vun deenen anere nët getraff hun, bleift awer ze bezweifelen ...

Soll een also mat esou Ronndëschgespréicher ophalen? Neen! All Mëttele, fir der Jugend eng politesch Kultur ze vermëttele, sollen agesat gin, wann ons Demokratie nët weider als Theaterkuliss soll verstëpsen. Mä fir dat z'erreeche muss ee bei d'Jugend goen, an 't däerf ee nët waarden, dass si bei d'Politiker kënnt. An anere Wieder: esou Ronndëschgespréicher gehéieren an d'Schoulen, wou jidderee sollt drun deelhuelen an och spontan séng Froe muss kënne stellen. D'Gefor zu Lëtzebuerg as nët déi vun enger ze grousser Spontaneitéit mä éischter vun enger gelangweilter Blaséiertheet. Di aktuell Jugend breet kee Mee 68 vir.



Loriot

## Wéineg Jugend

Freides owes woren also wi gesot knapp 3o Jonker kucke komm, well se sech selwer dozou verpflicht haten. Samschdes mëttes a Sonndes sollt ët nët besser sin. D'Ronndëschgespréicher mam Staatssekretär Goebbels iwert d'Lëtzebuerger Drëtt-Welt-Politik wor e Gespréich tëscht erwuessenen "Insider". Dat as och nët weider verwonnerlech. D'Drëtt-Welt-Gruppen u sech bréngе keng jugendlech Basis mat. Si hun ët zum groussen Deel op de Portmonni ofgesin - an deen as beim jonke Mënsch souwisou nët dëck gefëllt. Hir Propaganda riicht sech also och nët an éischter Linn un déi Alterskategorie. Dass d'Virbereedungskommissioun vum Jugendjor oder de "Service National de la Jeunesse" ët gënge fäerdech bréngen, di Jonk op dee Jugendfestival ze lackelen, huet een awer schon däerfen am viraus bezweifelen. Et as verluere Méi, fir di Jong mat engem Plakat oder engem Handziedel wëllen ze begeeschteren, di jhust e "Jugendparlament" an e Ronndëschgespréich iwert "Le Grand-Duché et le Tiers-Monde" (och nach op franséisch!) ukënnegen. D'Jugend kënnt, wa se weess, "do ass eppes lass". Dat gëlt nët fir politescht Geschnëss. Dass och Theater géif gespillt gin, Filmer géife lafen, a soss Animatioun wir (allerdéngs séier wéinech), wor aus der Invitatioun net ze erkennen. Och de Stil vun där Reklamm huet d'Jugend nët grad ugesprach. An da gouf nach den Theater, elo scho fir d'zweet, beim Oflaf vum Programm vergiess!
Nom Fiasko an de Lampertsbierger Halen hätten d'Organisateure misse mierken, dass se esou nët ukommen bei der Jugend. Wéi ët zu Esch war, weess ech nët, mä och zu Gréiwemaacher wore jhust méi Leit, well d'Scoute méi eege Leit matbruecht haten. Suguer di intensiv Propaganda vum "Telecran" hat do nët vill "nei" Jonkder op d'Bee bruecht. Et huet een also di fatzech Impressioun, dass di Festivallen jhust organiséiert goufe, "fir eppes ze man", well d'UNO di penibel Idi hat, e Jugendjor auszerufen. Dass der Jugend domat wierklech geholl ef ass, dorun därf een zweiwelen.
m.p.


SEMINARANGEBOT
==============

Sonntag 1. Dezember 1985

ALTERWERDEN

Ein Selbsterfahrungstraining - Meditation
Wie erlebe ich mein Alterwerden?
Wie lebendig bin ich noch?

Teilnehmer: 8-12

Leitung: Karin Jahr,Dipl. Ehe-Familien-Lebensberaterin,Mitglied der GWG
Kosten: (einschliesslich Mittagessen) 1ooo - 15oo F nach Selbsteinschätzung.
Anmeldung: Tel. 443882 bis zum 23. November oder schriftlich an folgende Adresse: CPMO asbl
Conseil
L- 11o, av. G.Diderich
Wir bitten um gleichzeitige Überweisung von 3oo F auf das Konto der CPMO asbl, mit dem Vermerk: Training "Alterwerden"
CCP 37294-46



Wien wëllt an onser

**Wunngemeinschaft**

mattmachen. Mir sin z.Z. zu fënnef Erwuessener (25 - 33 Joer) an zwee Kanner. Geschwënn gët eng Plaz fräi.

Wann dëst Dech interesséiert, da mell Dech um Telefon 44 45 88.